

De Wollef, deen eng Weltrees maache wollt

Eng **Liesung** mam Josée Klincker fir Kanner vun **3 bis 6 Joer**

Et ass dem Wollef langweileg a sengem Bësch. Enges Daags kënt hien op d'Iddi, op d'Rees ze goen. Ëmmer schonn huet en dovun gedreemt, en Tour uechter d'Welt ze maachen. Soll en alt gesond a monter erëm doheim ukommen?

Am Kader vun den Journées du livre et du droit d'auteur, déi dëst Joer ënnert dem Thema "Reesen (m)am Buch" stinn, organiséiert d'Bicherhaischen, zesummen mam Kulturhaus Niederanven, dës flott Liesung fir Kanner vun 3 bis 6 Joer.

No der Liesung hun d'Kanner d'Méiglechkeet nach méi Bicher vum Wollef op engem Bicherdësch vum Bicherhaischen kennen ze léiren.

D'**Josée Klincker** ass d'Fra vum Josy Braun, deen 2012 gestuerwen ass, dee selwer vill Kannerbicher geschriwwen hat an deen 1994 "De Kleng Prënz" vum Antoine de Saint Exupéry iwwersat hat. Sie iwwersëtzt vill Kannerbicher an d'Lëtzebuergesch, aktuell d'Bicher vum Wollef.

Datum

Donneschdes, 23.04.2015 um 15.00 Auer (complet) an 16.30 Auer (nei!) am Kulturhaus Niederanven

Sprooch

Lëtzebuergesch

Präis

Gratis (Plazen am Virfeld reservéieren)

Dauer

35 Minutten

Reservatiounen

26 34 02 08

info@bicherhaischen.lu

